Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

Wa Privatleit zu Lëtzebuerg wëlle gréisser Bestänn un Haushaltsgéigestänn verkafen, kënnen si ausser dem Onlinehandel just op e Floumaart zeréckgräifen. Dëst ass awer mat der Noutwennegkeet verbonnen, datt esou en Event an hirer Géigend organiséiert gëtt, datt si eng Plaz kréien, datt si mam Auto bäikommen a sou weider. Dacks fält och Standgeld un, wat zu engem méi gerénge Benefice op dem Verkaf féiert.

A verschiddene Länner, notamment de Vereenegte Staaten, kënnen d'Leit esou Verkeef duerch sou genannten "Garage Sales" oder "Yard Sales" och flexibel bei sech doheem organiséieren.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Froe stellen:

1) Sinn dës Evenementer och zu Lëtzebuerg rechtlech méiglech?
2) Falls jo, ënnert wéi enge Konditiounen?
3) Falls net, wéi eng Grënn géifen dogéint schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten